

De Panewippchen

N°108 3/2014

Dës Nummer gouf gemach an
Zesummenarbecht mam
Gesondheetsministère



'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450

www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture - Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - Service national de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Administration de la gestion de l'eau - Ministère de la Santé

Loscht op d'lëtzebuerger Muséeën

Impressum:

Redaktiounscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone, F. Wolff

Texter:

J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, C. Heidt


Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen

Fotoen:

'natur musée', shutterstock, J. de la Gardelle, R. Felten

D'Lëtzebuerger Muséeën hunn en Notizbuch erausginn, dat fir dech prett läit. Dora kanns du all deng Entdeckunge sammeln. An all Musée kriss du e Sticker oder Stempel an en extrat Blat vun engem besonneschen Ausstellungsstéck. Wann s du 5 Muséeë besicht hues, kriss du eng Belounung, a bei 10 Muséeën e Kaddo! Maach dech op de Wee mat denger Famill an denge Frënn, et waarde vill flott Muséeën op dech!



Abo «De Panewippchen»



Als Member vum Panda Club kriss du d'Zeitung „de Panewippchen“ 4 mol am Joer geschéckt.

Wann s du een Erwuessene kenns, deen „De Panewippchen“ fir säi Grupp vu Kanner wëll abonnieren,

da kann dee sech mellen iwwer

panda-club@mnhn.lu

6 Exemplare vun all Nummer si gratis, vum 7. Exemplar u froe mir e klengen Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab a pro Exemplar.

Am Panewippchen fënns du: vill Informatiounen (op Lëtzebuergesch) iwwert all méiglech an onméiglech Saachen aus der Déieren- a Planzewelt, eiser Ëmwelt, dem Universum ... Villes fir ze bastelen, ze kachen an ze triwwelen, Rätselen an Denkspiller. Theme fir nozedenken, matzemaachen a seng eege Meenung dozou ze schreiwen. Ganz faarweg mat groussem Puster an der Mëtt.

Abo
«De Panewippchen»
panda-club@mnhn.lu
Info:
Tel.: 462233 450

Är Meenung interesséiert eis!

Maacht mat bei eiser Ëmfro iwwert «De Panewippchen». Dir fannt se op:

https://fr.surveymonkey.com/s/Emfro_Panewippchen

Huelt lech 10 Minutten Zäit an hëlleft eis dës Zeitung vum 'natur musée' nach besser ze maachen!

Opléisung Rätsel Säit 6

Hei sinn déi 7 Feeler vun der rietser Foto.



Foto: shutterstock

Spréiwe beim Braddelen ... kuck Säit 3

Foto: Roland Felten




FLUCHSHOW

Foto: shutterstock




Fotos: Roland Felten



SALUT
JEMP, WEI
GEET ET?

SCHLECHT, WEL
HAUT WAR NET MAIN DAG.
DO UEWEN AM WÈNGERT
ASS DE GANZEN DAG
GESCHOSS GINN*, SOU
DATT ET HAUT KENG
SÄFTEG DRAUWE GI SINN.


*AM HIRSCHT STELLEN
D'WENZER «KANOUNEN»,
DEI VILL KAMEIDI MAACHEN,
AN D'WÈNGERTEN, FIR
D'SPRÈIWEN ZE VERDREIWEN
AN DODUERCH ZE
VERHÈNNEREN, DATT ALL
D'DRAUWE GEFRIESS GINN.



BEKLO DECH NET, WEL ECH
HUNN HAUT OCH JUST SCHNEIDERE
(=SCHNAKEN) GIESS.
WEI ECH ENDLECH ENG WISS MAT VILLEN
INSEKTE FONNT HAT, KOUM AUS DEM
BÈSCH EN HÈNGERDEIF (=HABICHT)
GEFLUNN. GLÈCKLECHERWEIS HAT ECH
NACH GENUCH ZÄIT FIR FORTZEFLÈIEN.
MÄ DE PIR HAT LEIDER KENG CHANCE,
WELL HIEN ASS VUN DEEM BÈISCHT
GEPAAKT AN DUERNO BESTEMMT
GEFRIESS GINN.

DOFIR ASS ET JO
WICHTIG, DATT MIR A GANZ
GROUSSE GRUPPE FLÈIEN A
GANZ DACKS ZESUMMEN AN
ENG ANER RICHTUNG FLÈIEN,
WELL DANN HUNN DEI SCH...
GRÄIFVULLE BAL KENG CHANCE,
FIR EE VUN ONS ZE FÄNKEN.

ESOU WEI MIR
DATT MAN, WA MIR OP
ONS SCHLOFPLAZ
FLÈIEN.



DAT DO GEET
AWER ZE WÄIT.
DE SPUNT MENG, T
HIE KÈNT SECH
ALLES ERLABEN.

DEEN ASS BESTEMMT
RÈISCHT VIRU KUERZEM
AUS DEM NASCHT GEFLUNN
A WEESS DOFIR NACH
NET, DATT MIR SPRÈIWEN
ÈMMER ESOU WÄIT
VUNENEEN EWECH SÈTZEN.
FIR DATT MIR ONS NET
BERÈIERE KÈNNEN.

HOFFENTLECH
KÈNT ELO KEEN
ANERE CHAOT MÈI
NERVEN, WEL ECH
SI MIDD.

ECH FÄERTEN, DU
KANNS NACH NET SCHLOFEN,
WELL DAT GEBRADDLES
VUN DE KOLLEGEN HÄLT
ERÈISCHT OP, WANN ET
GANZ DAISCHTER ASS.



SPRÈIF, STAR, ÉTOURNEAU, STARLING,
STURNUS VULGARIS

EE VUN DEN HEEFEGSTE VULLEN ZU
LÈTZEBUG
BAUT SÄIN NASCHT A SPIECHTLÄCHER
DEI MEESCHT FLÈIEN AM WÄNTER BIS A
SÜDEUROPA, DEI ANER BLEIWEN
AN ONSER GEIGEND

Foto: Pierre Selim

Text: Claude Heidt

De Panewippchen 3/2014

Kannerstoff am Buedem

Vill Insekten notzen de Schutz vum Buedem, fir do hir Larven opwuessen ze loossen.

Mécken

Mécke leeën hir Eeër op de Buedem an et entwéckele sech dacks dausende vu Muede pro Quadratmeter.



Méckemueden

Mued, Made, asticot, maggot



1,7 cm

1,2 cm

Popp, Puppe, pupe, pupa



Méck, Fliege, mouche, fly

Foto: G. Haldemann

Proviant



Foto: shutterstock

Beien

Wëll Beie gruewe Gäng an Näschter fir hir Larven an de Buedem a leeë gläich och Proviant fir hir Kleng parat. Déi giel Bull ass eng Mëschung vu Pollen an Nektar.



Foto: wikipedia: Fritz Geller-Grimm

Sandbei, Sandbiene, «andrena», mining bee, *Andrena flavipes*

D'Sandbei baut z.B. vum Haaptgang aus e puer Bruttkummeren. An all Kummer ass Proviant fir een Ee.

Aus dem Ee klëmmt eng Larv eraus, déi frësst a frësst a frësst, bis se sou grouss ass wéi spéider dat fäerdeg Insekt.

Da verpoppt se sech, d.h. si spénnt sech an e Kokon an. D'Popp ass onbeweegelech, awer bannendra verwandelt sech d'Larv an eng fäerdeg Bei.

Schliesslech rappt d'Baussenhaut vun der Popp op an d'Bei kënnt erausgekroch. Si wiisst lo net méi, mee sicht e Partner a suergt erëm fir Nowuess.

Vill Wëllbeie bleiwe vu Juli bis Mäerz am Kokon dran a verschlofe sou de gréissten Deel vum Joer.



Den Agang vun enger Sandbei hirem Nascht

Foto: wikime542

4

Entwécklung vun enger Bei



Foto: shutterstock

Bommelen

D'Bommelem hunn eng ganz grouss Kannerstuf.

Eng Äerdbommel vergréissert hiert Nascht



Foto: Pahazzara



Bommele bei der Aarbecht

Foto: shutterstock



Foto: shutterstock

Bommel, Hummel, bourdon, bumblebee, Bombus

Dir kënnt d'Wanderausstellung
«Faszinatioun Beien» léinen.
 Méi Info ënnen: mhn.lu/expos

Liewenszyklus vun der Bommel

D'Bommelkinnigin
 iwwerwintert ganz
 gär am Buedem.

Am Fréijoer mécht si sech op
 d'Sich no engem verloossene
 Mauslach. Dat notzt si fir hiert
 Nascht unzeleeën.

Aus Nektar a Polle
 leet och si Proviant fir
 hiren Nowuess un.

Am Hierscht fléie Männercher,
 Weibercher a Jongkinniginnen aus
 a siche sech eng nei Plaz.
 Déi al Kinnigin an d'Aarbechterinne
 stierwen an d'Nascht ass verlooss.

Aus Wuess baut
 d'Bommel Dëppercher:
 an e puer mécht si
 Hunneg an an déi aner
 leet si hir éischt Eeër.





Déi Bommelen, déi schliesselech
 aus der Popp klammen, sinn
 Aarbechterinnen, déi d'Wiermen
 an d'Fiddere vun deenen nächste
 Klengen iwwerhuelen.
 Sou kann ee Bommelvollek bis zu 600
 Bommelen ervirbréngen.

Wéi eng Kluck sëtzt d'Kinnigin
 sech elo op hir Eeër, fir se
 waarm ze halen, a wa si
 Hunger kritt, streckt si de Rüssel
 an hiert Hunnegdëppchen.

KNIWWWE

VILL FLOTTE VEIERECKIGE PABETIER

PÄIPERLEKEN



WAT HUNN DËI SCHËINE PABETIER!!

HIERSCHT PÄIPERLEKEN

SAMMEL E GANZE KOUP SCHËI FAARWEG BLIEDER

Du brauchst vill schëi verschidde faarweg Blieder. Eng holze Billerrumm, Pech an e waasserfeste Stëft.


dee Karton pechs du deng Päiperleken op. Mat engem Stëft mools du déi vill kleng "Päiperlek" - Detailer: d'Fühler, d'An, de Rüssel, de Kierper ...

Dréchen deng opgeraafte Blieder. Maach deng Billerrumm op an huel de Karton, deen an der Rumm ass, eraus. Op




FANN DËI 7 FEELER

VERGLÄICH DËI 2 FOTOE MATENEEN. WAT ASS ANESCHT OP DER RIETSER FOTO? D'OPLËISUNG FËNNNS DU OP DER NEUWSSÄIT



Pimpampeli mega-trompetii



Pimpampeli mega-trompetii



Pimpampeli mega-trompetii



Pimpampeli dillendaphii

ELSÄITEN



BAUSSE KNACKEG, BANNE SÄFTEG, IDEALE PICKNICK
FIR MATAN D'NATUR!

10 MAT BENGELN A FICELLE AN
E PUER PABEIERSPÄPERLEKE
KANNS DU DIR E MOBILE
MAACHEN

SCHLANGENGEBOU

Du brauchst ... fir den Deeg:

- 500 g Miel (probéier och mol mat Spelzmiel geméscht!)
- 1 EL Salz
- 15 g fräsch Hief
- 320 ml wootlecht Waasser

... fir d'Füllung:

- 1 kleng Courgette
- 1/2 Aubergine
- 1 Paprika
- 1 Chili (wann s de et gär e bésse scharf hues)
- 3 gedréchent Tomaten
- e Grapp voll Basilikumsblieder
- Bettstréi (Oregano), Teimerjéinchen (Thymian) ...
- e bessen Olivenueleg fir ze broden



D'Miel mam Salz an eng
grouss Schoskel man an d'Hief
driwwer bréckelen. D'Waasser
dobeischédde an 10
Minutte laang mat den Hänn
verschaffen. D'Knupp Deeg
dann eng Stonn op enger
warmer Plaz an der
Schoskel (zougedeckt) roue
loossen.

Wann den Deeg gutt opgaangen ass
nach eng Kéier uerdentlech duerchknieden
(dréien, falen an drécken, an dréien ...) a
rëm eng Stonn roue loossen.




Während deem
d'Geméis wäschen,
a Wierfele
schneiden an d'Courgette
an d'Aubergine an der Pan
ubroden. Mat de gedréchten Tomaten,
dem Chili, de Basilikumblieder - alles ganz
reng geschnidden - mëschen a wierzen.



Aus dem Deeg 2 Strulle
vun ongeféier 25 cm formen
a mat der Hand platt a breet
drécken. D'Geméis an d'Mëtt
tesselen an den Deeg
ronderëm zou maachen.



Eng hallef Stonn an
de Bakuwen domat
bei 220°C.
mmmh lecker!



OP der FOUER



D'Schueberfouer besteet lo scho bal 700 Joer. Laang Zäit war si e Joermaart, do hunn d'Leit kaaft, wat se fir hiren Haushalt gebraucht hunn: Kleeder, Miwwelen, Geschir, Dëppen an lesswueren. Natierlech gouf et och ëmmer Buden, wou et z'iessen an ze drénke gouf. Op dee Maart ze goen, war e richtigt Fest deemools. Wéi et ëmmer méi Buttaker gi si fir anzekafen, ass den Amusement ëmmer méi zu enger Haaptattraktioun op der Fouer ginn. Et gouf Musek a Cabaret gespillt a säit 1900 gëtt et sou Spiller, wéi Karusseller a Riserad. Haut gëtt et op der Fouer méi wéi 50 verschidde Spiller. An all Joer kommen ëm déi 2 Milliounen Leit op d'Fouer, déi domat déi gréisste Kiermes an der Groussregioun ass.



Angscht, déi Spaass mécht: D'Spiller op der Fouer.

Mam Kapp no ënne schaukelen, dobäi Kopplabunz maachen, an dat 20 m iwwert dem Buedem. A klenge Weenercher mat iwwer 60 km/Stonn rop a rof iwwer d'Schinnen donneren, an d'Kéier goen, d'Äerm an d'Luucht strecken a jäize wéi méll ... Dat muss total Spaass maachen.

Du hues keng Äerm, mee Filleken a sou eppes mécht dach kee Spaass! Kuck der se un: ier se op sou ee Spill ginn, hu se richtig Angscht: si si wäiss oder rout am Gesiicht an hu kale Schweess op der Stir. Wa se vum Spill rofkommen ass et ville schwindeleg, si tierkelen an et gëtt hinne schlecht. Ech giff ni op sou e Spill goen, a wann ee mer 100 déck Fleeschmécke giff dofir ginn.

Kanner, lo kritt iech net an d'Fiederer! Dir huff allen zwee Recht, well d'Mënsche ginn op sou Spiller, well si Spaass un der Angscht hunn.

Papp, erziel eis hei kee Blödsinn ...

Dat ass kee Blödsinn. Et gëtt vill Mënschen, déi maache fräiwëlleg eppes, wat extrem ass, dacks net ganz ongeféierlech ass a wou ee Courage brauch, fir seng Angscht z'iwwerwannen. Bungee jumping, op héich Bierger klammen, Mountainbike fueren oder op eng Achterbunn, e schnellt Karussel oder eng Geeschterbunn goen. An enger Situatioun, déi Angscht mécht, lafen ëmmer déi selwecht Reaktiounen am Kierper of: d'Häerz schléit méi séier, de Bluttdrock geet rop an d'Muskele gi besser duerchblutt. Dat sinn alles Reaktiounen, déi hëllef an enger geféierlecher Situatioun fortzelafen oder sech ze verdeedegen.



Mir brauchen dofir jo keng Fouer. Virdu stoung ech an der Wiss, du kënnt do op eemol eng Kaz vun hanne geschlach. Wat hunn ech mech erféiert an ier ech iwwerhaupt nodenke konnt, war ech och schonn an der Luucht a fort war ech. Hat geduecht, mäin Häerz giff stoe bleiwen. Mir Vulle kënne jo net schweessen, ech mengen ech wier soss plätschnaass gewiescht.

Maja, genee sou kann et de Mënschen op Fouerspiller oder beim Extremsport goen. Awer anescht wéi bei eis wa mir eng Kaz begéinen, ass dat bei hinne seelen doudeesch.



Jo, a wat mécht da lo Spaass dorunner?



A firwat gëtt et de Mënschen da sou dacks schwindleg, wa se op sou Spiller ginn? Ech hunn der scho gesinn, déi hu sech iwerginn.

Nodeems déi Situatioun iwverstanen ass, fänkt de Kierper un, sech ze entspanen. De Mënsch ass zefridden a frou, datt en de Courage hat an datt en déi schwéier Situatioun gepackt huet. A well et jo net douteescht ass, kann dat richteg Spaass maachen, an dofir jäische si och sou op de Spiller: et ass Angscht a Freed zugläich.



Puh, du stells alt rëm Froen. Also, sou wéi mer Aen hu fir ze gesinn, gëtt et och Organer mat deene mer feststelle kënnen, ob mer leien oder stinn an och a wéi eng Richtung mer ginn oder fléien. Dat musse mer jo wëssen, fir riicht ze fléien oder ze goen, ouni ze tierkelen. Dës Organer heesche Gläichgewichtsorganer. Si si winzeg kleng a gesinn aus wéi Bretzelen. Beim Mënsch sëtze si déif bannen an den Oueren. Si bestinn aus Haut a mini klenge Schanken a si mat Flëssegkeet gefëllt. Dës Organer ginn d'Informatiounen direkt un d'Gehir an zesumme mat den Informatiounen vun den Aen an de Muskele kann dann d'Gehir (eise Cockpit) d'Bewegunge sou steieren, datt mer d'Gläichgewicht halen.



Gehir u Gläichgewichtsorganer, Aen a Muskelen: Prett maache fir ze setzen!

Un d'Gehir: de Stull steet lo direkt hannert eis.

Un d'Gehir: Mir mussen is nach lücht no riets dréien a méi no hanne goen.

Un all: Et gëtt ee Problem hei am Cockpit. Wéi ass eis Positioun genee?

Un d'Gehir: Mir kréie kee Bild méi fixéiert, dat geet eis ze schnell hei.

Un d'Gehir: Mir si lo ënnen, nee uewen, nee ënnen, nee lénks, riets, ...

Un d'Gehir: Mir hale lo gläich op mat Schaffen hei. Andauernd kréie mer Informatiounen, déi net zesumme passen.

Un all: Wann dee Chaos sou weider geet, da muss ech den Nouffallplang aktivéieren.

Un all: Sou kann dat net weider goen. All prett maache fir Nouffallplang!

Un d'Gehir: OK, dréien de Kierper e bëssen, ginn ee Schrëtt no hannen an diebelen dann d'Knéien.

Un d'Muskelen: Beweegt iech lo sou wéineg wéi méigleg. Am beschte prett maachen, fir sech ze leeën.

Un d'Aen: Zoumaachen!

Un d'Gläichgewichtsorgan: Dir probéiert lo rauszefannen, wou mer dru sinn.

Un d'Schweesszellen: Aktiv ginn an alles schnell ofkillen.

Un de Mo: Sou séier wéi méigleg eidel maachen!

Am Alldag klappt déi Zesummenaarbecht meeschtens gutt, mee op engem Fouerspill kann et mol Problemer ginn. (Grins)

Menüskaart Bësch



Am spéide Summer fanne mir eng helle Wull u lackelege Friichten am Bësch an eng Rëtsch vu Bëschbewunner hunn eng gelleg Freed dorunner. Si profitéieren, fir sech virum Wanter nach eemol gutt de Ränzleche vollzeschloen. Onse Panewippchen huet an hir Menüskaart gelusst, fir gewuer ze ginn, wat fir Schneekegkeeten et do ze jicke gétt.



Spackelter

Déi kleng rout Spackelter fënnt ee vill un de Bëschränner. Si wuessen u grouesse pickegen Hecken, Hondsröse genant a sinn am spéiden Hierscht sou richtig zeideg. Hiert rout Fruchtfleisch ass räich u Vitaminen a gétt virun allem vun de Villercher verdillegt. Awer och de Mënsch kann de Spackelter notzen; fir Gebeess, Téi, Likör a villes méi. Och kann ee mat de Kären, déi bannen am Spackelter sinn, formidabel Juckpolver maachen.

Spackelter,
Hundsrose,
églantier,
dog rose,
Rosa canina



Päerdsbier oder Schwarzbier



Wie kennt se net, déi pickeg Bréimen, déi engem d'Been zerschreipsen, wann ee queesch d'urch de Bësch geet. Et fënnt ee se immens vill op Lichtungen a laanscht d'Bëschweeër. Hir Friichten, d'Päerdsbier, ass Enn August a September lackeleg schwarz gefierft an zeideg. Si kënnen dann zockerséiss sinn a vill Vigel, Insekten awer och den Dachs an de Fuuss gammse richtig drop. De Mënsch brauch se fir Gebeess ze kachen, Taarten ze baken a Jus ze pressen.




Päerdsbier,
Brombeerstrauch,
mûrier,
blackberry bush,
Rubus



Hieselnëss

Den Hieselter ass e Strauch, dee bis zu 6 Meter héich ka ginn a sech op Plaze mat vill Luucht esou richtig wuel fillt. Am September an Oktober sinn u senge Rutten d'Hieselnëss zeideg. Si gehéieren zu de richtigen Nëss, well si hunn eng verholzte Schuel rondrëm d'Noss. Hieselnëss hu ganz vill Fett an dofir och ganz vill Kalorien. Kee Wonner, datt d'Kaweichelcher sech drop stierzen, fir se fir de kale Wanter ze vergruewen. Awer och d'Bëschmaus léisst eng Hieselnoss net lénks leien.

Hieselter,
Haselstrauch,
noisetier,
hazel,
Corylus avellana



Buaker

Buaker sinn d'Früchte vun der Bich, deen a ville lëtzebuerger Lafbëscher doheem ass. Si hunn eng pickeg Schuel a bannen an dräikanteg Nëss. Bal all d'Déieren am Bësch sinn op dës kleng Nëss gelëscht, well si stieche voller gudder Nährstoffer. No engem waarme Summer ass de Bëschbuedem dacks iwwe séit mat Buaker an d'Villercher, d'Kaweichelcher, d'Mais, d'Wëllschwäin a vill aner Déiere maache sech driwwer hier. Fir de Mënsch ass de Buaker liicht gëfteg, trotzdem gouf fréier Ueleg draus gepresst oder eng Zort „Ersatz-Kaffi“ draus gemaach.

Buaker, Buchecker, faine, beechnut



Bich,
Buche,
hêtre,
beech,
Fagus



Foto: Tortuosa



Foto: Danièle Murat



Eechelen

D'Eechele gehéiere mat zu dem léifste Menü vun de Wëllschwäin. Wéi de Numm et scho seet, ass et d'Frucht vun der Eech, engem typesche Bëschbam zu Lëtzebuerg. Si hu vill Nährstoffer gespäichert a goufen dofir och fréier geholl, fir d'Hausschwäin ze mäschten. Niewent der viller Energie, déi an den Eechele stécht, hu si awer och eng zolidd Portioun Gierfstofer a sech. D'Eechel huet en immens battere Goût. Och wann dat d'Déieren net ze stéieren schéngt, sou huet de Mënsch dat awer guer net gär. Fréier gouf och aus den Eechelen en Ersatz fir Kaffi gemaach; well hien awer esou batter geschmaacht huet, krut hien den Numm „Muckefuck“.

Eechel, Eichel, gland, acorn



Eech,
Eiche,
chêne,
oak,
Quercus

Kochelen

Et gëtt immens vill verschidde Kochelen an onse Bëscher a si stinn um Menü vun enger ganzer Rëtsch vun Déieren. Ugefaange bei de Schleeken an den Insekten bis bei d'Mais, den Dachs, de Fuuss an d'Wëllschwäin. Grad elo ufanks Hierscht kommen der vill aus dem Buedem luussen. Dat, wat d'Déieren oder och mir plécke ginn, ass de Fruchtkörper vum eigentleche Champignon, dee komplett am Buedem verstoppt ass. Vill Champignone ginn eng Partnerschaft mat enger anerer Planz an z.B. engem Bam. Sou fënnt een de Steepilz dacks bei Nolebeem wéi der Flicht an der Kiefer.



Während dem däitsch-franséische Krich 1870 hunn d'Fransousen, déi d'Rheinland besat haten, dee batteren an dënn Kaffi «mocca faux» (falsche Kaffi) genannt. Deen Numm gouf vun den Däitschen an de Lëtzebuerger a «Muckefuck» ëmbeannt.

Kochelen, Champignonen
Pilze,
champignons,
mushrooms,
Fungi

Dir gesitt, och am Bësch steet an der Hierschtzäit esou munneches preff, fir verdilliget ze ginn. Et soll den Déieren hëllefen, sech kënnen zerguttstert op de laangen a kale Wanter virzebereeden.



Eis Haut ënnert der Lupp

D'Haut ass dem Mënsch säi gréisst Organ. Beim Erwuessenen ass si 2 m² grouss a weit 10 kg.
D'Haut ass ee richtegt Multitalent!

Si ass **Schutzhaut** géint d'Ausdréchnen, Nätzt, Temperaturschwankungen, Verletzungen a Krankheetserreger.

Si ass **Sonneschutz** géint d'Sonnestralung. Duerch d'Sonn gëtt

d'Haut méi däischer a ka Speechele kréien, dat ass hire Sonneschutz. Och wann donkel Haut meeschtens besser virun der Sonn schützt wéi heller, kann och si e Sonnebrand kréien.

Si ass **Fuerscher** a si **fillt** mat eis, ob eppes mëll oder haart ass, waarm oder kal, dréchen oder fiicht ...

Si ass e **Sensibelchen** a wa mer eis schummen oder iergeren, ka si rout

ginn, si ka Blose kréien, wa mer eis verbrennen, wa mer eis verletzen, ka si futti goen a blo Plaze kréien. Ass et äiskal oder mir eekelen eis, kréie mer eng Héngerhaut.

Si ass **konterbont!** Vu schwaarz bis wäiss, an alle Schattéierungen, mat oder ouni Speechelen a Schéinheitsflecken, mat méi oder manner Hoer. A mam Alter kritt si Falen an Altersflecken.

Speechelen a Schéinheitsflecken


Speechelen a Schéinheitsflecke si Pigmentflecken an, ofhängeg vum Hauttyp, huet een der vill oder wéineg.



Bei engem Sonnebrand gëtt d'Haut fir e puer Deeg rout a si deet wéi a ka sech och schielen. Och wann dat ka gudd wéi dinn, ass de Sonnebrand selwer net sou schlëmm, mee - d'Haut vergësst kee Sonnebrand! Nach Joren duerno kann déi geféierlech Krankheet Hautkriibs entstoen.
Dofir schütz dech ëmmer virun der Sonn, a pass op, datt s de kee Sonnebrand kriss!

Waarzelen

Waarzele sinn eng Hautkrankheet. Si gi vun engem Virus ausgeléist.



Krätz

Krätz ass eng Hautkrankheet, déi vun engem miniklenge Spannendéier, der Krätzmilb, ausgeléist gëtt.



Fousspilz

Fousspilz ass eng Hautkrankheet, déi vun engem Champignon ausgeléist gëtt.



D'Haut fleegen

Wann ee knaschteg ass oder vill geschweesst huet, da wäscht ee sech. Soss geet eemol den Dag wäschen duer. Et wäscht ee sech mat kloerem Waasser a fir déi Plazen, wou vill Dreck a Schweess ass, hëlt ee Seef.
Ze waarmt Waasser, ze vill Seef an ze laang duschen oder buede kënnen

d'Haut ausdréchnen a maache se ufälleg fir Hautkrankheeten. Nom Wäschen dréchent ee sech iwwerall gudd of. Et ass och net néideg, sech nom Wäschen ëmmer mat Crème oder Ueleg anzereiwien, dat mécht een nëmme, wann d'Haut dréchen a rau ass.

Textilien, déi vill Kontakt mat der Haut hunn, wéi Ënnerwäsch, Strëmp oder Bettlacher gi regelméisseg gewiesselt a gewäsch. Déi vun anere soll een och nëmme undoen oder benotzen, wa se frësch gewäsch sinn.

Plageeschter vun der Haut

D'Haut ka rouf Flecken, wäiss Plazen, Rëss, Rëff oder aner Verännerunge kréien. Si ka bäissen, picken, suppen oder wéidoen. Da kann d'Haut krank sinn.

Dacks ass d'Ursach dovunner ee Plageesch, dee sech dorop spezialiséiert huet, op oder an der Haut vum Mënsch ze liewen. Dat sinn ënnert villen aneren de Fousspilz, d'Waarzelen an de Krätz.

Kuck mol eng Kéier genee deng Hänn, Féiss, Äerm a Been. Wat gesäis de do? Vergläich deng Haut mat där vun anere Kanner. Do gëtt et bestëmmt allerhand ze entdecken!

Léier deng Haut kennen a behal se am A. Wa se sech verännert, da weis dengem Elteren dat, a fro si oder en Dokter ëm Rot.




Fousspilz

Fousspilz ass e **Champignon**, deen op de Féiss (am léifsten tëschent den Zéiwen) leeft an do kann et dann zolitt bäissen. Am wuelste fillt e sech op Féiss, déi ëmmer gutt waarm agepaakt sinn an net vill Loft ze spiere kréien. An op Féiss, déi no der Dusch net gutt ofgedréchent ginn. Fousspilz kann een op fiicht-waarme Biedem oprafen: Piscine, Sauna,

Buedzëmmer oder Vestiaire. Duerch den direkte Kontakt mat engem aneren, deen en huet, oder wann een deem seng Schung oder ongewäsche Strëmp undeet. Méi liicht reeft een en op, wann ee kleng Rëss oder Wonnen op der Haut huet.

Fousspilz gëtt behandelt mat enger Crème, déi den Dokter verschreift.




Waarzel

Waarzele sinn Hautknippercher, déi vun engem **Virus** ausgeléist ginn. Si si meeschtens op den Hänn oder de Féiss, awer och op aner Plazen um Kierper. Et gesäit ee si meeschtens gutt an et ka sinn, datt si picken oder wéi dinn, besonnesch déi, déi op der Foussuel sëtzen.

Si gi sou ähnlech iwwerdre wéi de Fousspilz.

Waarzele kënnen vum selwe rëm ewech goen. Dat kann awer laang daueren an an där Zäit kann een anerer ustiechen. Wann ee vill Waarzelen huet oder wa se wéi dinn, geet een domat bei den Dokter.




Krätz

Krätz gëtt ausgeléist vun engem winzege Spannendéier, der **Krätzmilb**. (Gréisst 0,5 mm). Déi Déiercher liewen ënnert der Haut a leeën och do hir Eeër. Krätz kann immens vill bäissen, virun allem nuets am Bett. Krätz fängt dacks do un, wou d'Haut relativ dënn ass a wou et waarm ass: tëscht de Fanger, un den Handgelenker, hannert den Oueren oder an de Knéikailercher.

Krätz kann iwwerall do optauchen, wou Leit enk zesummeliewen an iwwerdreit sech meeschtens direkt vun engem Mënsch op deen aneren.

Krätz, deen net mat Zäit behandelt gëtt, ka sech um ganze Kierper ausbreeden, dofir geet ee bei Verdacht op Krätz direkt bei den Dokter, dee weess, wéi en ze behandeln ass.



Krankheete wéi Fousspilz, Krätz a Waarzele kritt een net, well ee sech net genuch wäscht, mee well ee sech ugestach huet. Si kënnen iwwerall do virkommen, wou Mënschen op enkem Raum zesumme sinn, an der Schoul, der Maison Relais ...

Jiddweree ka sech ustiechen, egal ob ee sech vill oder wéineg wäscht! Léisst ee sou eng Krankheet mat Zäit vum Dokter behandeln, dann ass ee meeschtens séier rëm gesond. An et kann een och keen aneren méi ustiechen!

E Virus ass e ganz kleng Krankheetsreeger. Et gëtt Milliounen ënnerschiddlech Zorten, déi ganz vill verschidde Krankheeten ausléisen, z. B. Schnapp, Gripp, Waasserpouken, ...

Am Hierscht, wann d'Nuechte méi kal ginn, verschwannen dobaussen och d'Päiperleken. Firwat?



Mä glécklecherweis iwwerwanteren

*hir **Eeër** (beim Sëlwerbloe Päiperlek, Silbergrüner Bläuling, argus bleu-nacré, chalkhill blue, *Polyommatus coridon*)




Foto: Gilles San Martin

*oder hir **Raupen** (beim Schaachtechbotzert, Schornsteinfeger, tristan, ringlet, *Aphantopus hyperantus*)



Foto: Mike Talbot

*oder hir **Poppen** (beim Schmuebelschwanz, Schwalbenschwanz, machaon ou grand porte-queue, swallowtail, *Papilio machaon*), sou datt mir si am nächste Fréijoer a Summer erëm bewonnere kënnen.



Foto: Luis Miguel Bugallo Sánchez

Den **Zitrounepäiperlek**
Zitronenfalter, citron, common brimstone, *Gonepteryx rhamni*



Zitrounepäiperlek

iwwerwantert als erwuesse Päiperlek a Mauerlächer an ass dofir den éischte Päiperlek, dee mir am Fréijoer gesinn.

Majo, bei de meeschten Zorte stierwen déi erwuesse Päiperleken, well si net méi genuch Blumme fannen, wou si Nektar (=Zockerwaasser) suckele kënnen.



Sëlwerbloe Päiperlek



Schaachtechbotzert



Schmuebelschwanz



Zitrounepäiperlek

Päiperleken




Den **Dëschtelpäiperlek**
Distelfalter, belle-dame, painted lady, *Vanessa cardui*

1 Hie flitt am Hierscht bis a Spuenien an an Nordafrika.

2 Do leet hie seng Eeër op Dëschtelen a stierft duerno. Aus dësen Eeër klamme Raupen eraus, déi de ganzen Dag just d'Blieder vun den Dëschtelen friessen. No e puer Woche verpoppe sech dës Raupen. Aus der Popp klëmmt no e puer Deeg erëm e Päiperlek eraus.

3 Am Fréijoer fléien dann erëm Dëschtelpäiperleke bis an ons Géigenden, wou si Eeër leeën.



Op der Rull



4
Déi Päiperleken, déi am Hierscht aus den Eeër klammen, fléien da gläich rëm an de Süden. Am Wanter ass dofir vum Dëschtelpäiperlek näischt zu Lëtzebuerg ze fannen: keen Ee, keng Raup, keng Popp an och keen erwuessene Päiperlek.

Päiperleke kënnen ouni Problemer iwver héich Bierger an esouguer d'Mier fléien. Si orientéieren sech un der Sonn an eventuell och um Magnéitfeld vun der Äerd. Wéi dat genee funktionéiert hunn d'Wëssenschaftler nach net erausfonnt.

Aner Päiperleken, déi och op d'Rees ginn:



Admirol

Admirol, Admiral, vulcain, red admiral, *Vanessa atalanta*

Leet seng Eeër op Brennesselen, well d'Raupe just dës Blieder friessen. Déi erwuesse Päiperleken drénken Nektar a vill Blummen a suckele souguer Saaft vun zeidegem Uebst. Si kommen am Fréijoer aus Südeuropa an hir „Kanner“ fléien och erëm dohin zréck.



Giel-orange Päiperlek

Giel-orange Päiperlek

Wandergelbling, postillon, clouded yellow, *Colias crocea*

Leet seng Eeër op Kléi. De giel-orange Päiperlek kënnt net all Joer aus dem Süden an ons Géigenden: 2013 war hien awer am ganzen Land ze gesinn.



Kolibri-Päiperlek

Kolibri-Päiperlek

Taubenschwänzchen, sphinx colibri, hummingbird hawk-moth, *Macroglossum stellatarum*

Leet seng Eeër op Härgottsbettstréi (echtes Labkraut). (Kuck Panewippchen 3/2012).



Monarch-Päiperlek

Monarch-Päiperlek

Monarchfalter, monarche, monarch, *Danaus plexippus*

Ass de Weltmeeschter vun de Wander-Päiperleken: flitt 3.000 Kilometer vun Nordamerika bis a Mexiko, wou d'Fraen Eeër leeën. Hir „Kanner“ brauchen anscheinend kal Temperaturen a Mexiko, fir erëm an den Norden ze fléien.



mam Science-Club op een
Action Camp zu

LOFER AN EISTRÄICH

een idyllescht Duerf an de Bierger



Lofer ass e klengt Duerf am
Salzburgerland (A)

Ideal fir d'Natur z'entdecken
an z'erliewen.
Responsabel: Christiane Flesch (Igel)

Fanny, Noa, Hannah, Tom,
Charel, Lena, Vicky, Jil,
Laurent, Sandy, Marie-Chris-
tine, Luna, Felix, Magalie,
Noémie, Charel, Sarah,
David, Maxime, Philippe,
Louis, Thomas, Alice, Stella,
Niclas, Maurice, Igel, Béa,
Klôt, Laurent.



Eng spannend
Hüttwanderung!!



Ons Hütt, an där
mir 1 Nuecht
um Bierg geschlof
hunn.



printed by Imprimerie Centrale Luxembourg